DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Lëtzebuerg, den 31. Mäerz 2023

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Här President,

Esou eméi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

„Et ass eis zu Ouere komm, dass den Ëmweltministère bis ewell nach keng Subventioun am Kader vum Klimabonus-Programm fir d'Installatioun vun enger Loft-Wäermepompel accordéiert an ausbezuelt huet. De Grond heifir wier, dass et aktuell um Marché bal keng Wäermepompel gëtt, déi déi jeeweileg Kaméidigrenzwäerter (≤ 5kW: 48 dB(A); 5-12 kW: 51 dB(A); >12 kW: 55 dB(A)) anhält.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:

- *Kann d'Madamm Ministesch dës Informatioune bestätegen?*
- *Falls net, méi vill Demande sinn an de leschten dräi Joer pro Joer erakomm? Méi vill goufen der accordéiert? Méi vill goufen der ausbezuelt?*
- *No méi enge Krittäre sinn dës Grenzwäerter festgeluecht ginn?“*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten

Claude LAMBERTY
Deputéierten